Journée Commémorative nationale des EdF 1983

Luxembourg, le 11.09.83

Léiw Elteren a Familien vun onsen onglécklechen Komerodinnen a Komeroden, dénen mir haut gedenken,
Dir Damen an dir Hären,
Wärt Frenn a Sympathisanten vun den EdF,
Komerodinnen a Komeroden,

D'lescht Joer huet d'Fédératioun vun den Zwangsrekrutéierten an enger Rei vun Manifestatiounen a Gedenkceremonien un den 40. Anni- vun der preisescher Wehrpflichtaféierung hei zu Letzebuerg erönnert. Duerch eng reuchlech Bedélegung vun de Betraffenen vun desem Krichsverbriechen, hire Familien an hire Sympathisanten un all dese Ceremonien an de 4 Ecken vun onsem Land, wéi och am Ausland, gouw bewiesen, dass des schrecklech Zeit nach net vergiess ass. Och mat deser 23. Journée Commémorative Nationale erënnere mir, all wéi mir hei versammelt sin, un dese schwéiere Calvaire dén onst Vollék huet missen goen a gedenken dénen déi net iwerliewt oder fréizeiteg un den erliddenen Entbierungen, Folterungen a hire Suiten gestuerwe sin.

Fleit kann é sech froen, muss dat nach emmer sin? An esouguer heinsdo héiere mir déi virworfskléngend Fro. Wéini hal der dann endlech op mat äre Fuerderungen, mat ären Erennerungsfeieren, mat ären Aktivitéiten. All dénen déi mat esou Virwerf, ob beiswellech, oniwerluecht oder aus wat fir Grenn och emmer un ons erun trieden, kenne mir déi kloer an deitlech Antwert gin: Nie esou lang mir liewen. Nie wärte mir dat machen, net aus Gefalen an net aus Verbruechthét. Mä ganz einfach, well mir net wellen, net kennen an net dierfen. Mir déi Iwerliewend, wéi och dei Ugehéireg vun onsen onglécklechen Matbierger, hun en Engagement, wat mat Blud geschriewe gouw, dat mir nie vergiessen dierfen an net vergiessen wärten. Mir kennen déi Komerodinnen an Komeroden net vergiessen, an der Front, an de Gefangenelageren an de Lazaretter a Prisonge a KZ-ter zeréck geloss hun. Mir kennen de leschte Bléck dén des Geaffert ons zougeworf hun net vergiessen, a woueranner stung: Du hues méi Chance, du kens erem Hém, vergiess mech net a so all dénen déis du an déngem Liewen begéins dass ech mei Liewen fir d'Hémecht, fir d'Freihét vun Letzebuerg gin hun.

Mir hun am Gediechtnes all déi Komerodinnen an Komeroden, déi krank, mutiléiert, geschand a gefuerdert zwar Hém koumen, awer déi vergange Joeren net iwerlieft hun. Gelidden hun sie a schwéieren Nokrichsjoeren, bis der Doud se erléisst huet. Mir kennen allzegud all déi gud Letzebuerger, déi beréd waren Hab a Gud, Gesondhét a Liewen op d'Spill ze setzen fir jonk Letzebuerger an d'Freihét vun

onsem Land ze retten, a schliesslech mam égenen Liewen hiren Asatz bezuelt hun. Ech froen iech an all déi, déi mengen mir sollen mat desen Aktivitéiten ophalen: Hu mir e Recht de Souvenir un des daper Matbierger ennergoen oder och nemmen verblassen ze lossen? Mir an all déi, déi matgelidden hun op jidde Fall net. Och wann dat net jidderengem gefällt. An doeriver eraus hu mir esouguer d'Verpflichtung alles ze ennerhuelen, dass wat d'Reien vun den Iwerliewenden aus dem Drama emmer méi kleng gin, a schliesslech ké méi vun hinnen do ass dass ons Kanner an Nokommen d'Relève geholl hun, an de Souvenir getrei weidder droen. Well mat all dem Blut wat zenter den 10 Mä 1940 gefloss ass, mat all dém Led wat zenter dem Datum fir d'Hémecht Letzebuerg gedroe gouw, ass d'Natioun Letzebuerg eréischt richteg verankert a geschaffe gin. Dat dierf nie vergiess gin, soss sin all déi déi sech an desem freie Land wuelfillen net wärt des Freihét ze genéissen.

Ons Fédératioun war sech desem Engagement an deser Aufgab emmer bewosst, an huet an de vergangen Joerzingten demno gehandelt. Net emmer si mir richteg verstanen gin an munnech Knöppelen gouwen onser Generatioun an de Wé geluecht. Mir hun awer net versot a kritescher Zeit gouw ons Devise:"Mir gin eis net", gebuer. Ons Solidaritéit a Komerodschaft a schwéierste Stonnen ~~gebuer~~ entstanen huet ons iwer all Hendernissen ewech gehollef. D'Resultater hun och schliesslech net op sech warde geloss an onsen Asatz gouw belount. Zenter de Gesetzer vun 1981 sin déi lescht Diskriminatiounen un d'Adress vun den Zwangsrekrutéierten ofgebaut an d'Eier déi ons ob nationalem Plang zoukent garantéiert. Awer nach hu mir ké Recht d'Hänn an de Schouss ze léen. Vill Komeroden brauchen nach Hellef vun den Komeroden. Nei Beschwerden, Komplikatiounen an aner Situatiounen entstinn fir muncher én mam Alter. Nach sin net all individuel Problemer geléisst an et wär net ze verantwerten wann elo déi déi Hellef brauchenm am Stach geloss géiwen. Dofir kann an därf d'Aktivitéit vun onsem Federatiounskomité, den Zentral a Lokalkomitéen mat allen Arbechten an Engagementer vu sénge Memberen net nolossen. Egal ob wat fir engem Plang sie och stinn. Awer och ob d'Ennerstetzung vun allen EdF mussen sie rechnen an ziele kennen. D'Enegkét, iwert all Attacken vu wou aus se och kenne kommen, muss erhale bleiwen. A Besonnesch vis-à-vis vun de jengere Generatiounen hu mir d'Aufgab ze beweisen wat wirklech héscht Solidaritéit a Komerodschaft. 2 Wieder déi onst Land an der heiteger schwéierer wirtschaftlecher Situatioun méi wéi je brauch. Mir EdF mussen duerch onst Beispill och weidder

beweisen dass des Begreffer keng eidel WIEDER dierfe sin. "All fir én an én fir all" hun verschidden Komitésmemberen dei net méi ennert ons sin a Versammlungen a Manifestatiounen oft gebraucht. Sie wossten démols schon gené wat fir eng Astellung eng gefuerdert a stark déziméiert Generatioun misst hun fir kennen ze iwerliewen a sech ze behapten. Mir EdF waren a sin ons dés bewosst. Feighét démols wéi haut dierf ons net bekannt sin. Onse Man hu mir démols an an de vergangene Joeren gestallt. Dat hu dir léiw Frenn bei ville Manifestatiounen bewiesen an och erem eng Kéier haut duerch är Presenz hei. Dofir den oprichtege Merci vun äre Komeroden aus dem Féderatioun an den Zentralkomitéen. Merci iech all léiw Familien a Sympathisanten. Dir hud duerch är Participatioun un deser Journée Commémorative vun den EdF är Sympathien a Verbonnenhéd mat onser Generatioun erem eng Kéier an aller Oeffentlechkét ennerstrach. Merci fir är Trei, är Ennerstetzung am Laf vun de vergangene Joeren a merci am viraus fir är Trei an de kommende Joeren.

Merci all dénen déi herno um Kanounenhiwel bei onse Gedenckceremonien derbei sin an domadden all ons "Morts pour la Patrie" éieren. Merci all dénen, ouhni se namentlech opzezielen, déi mathellefen des Journée ze organiséieren, an dozou beidroen dass sie desen erhabenen a wierdege Charakter kritt. Och merci dénen déi dofir suergen dass sie a Schreft a Sprooch bekannt a festgehale gett.
Merci allen déi présent hei sin oder och net, awer aktif dozou beidroen dass de Souvenir vun esou ville gudde Letzebuerger déi hirt Liewen fir onst Hémecht gin hun net vergiess get. Dat ass den déiwen Sënn vun der Journée Commémorative Nationale vun den EdF. Et gëllt öffentlech ze beweisen, dass den Affer fir d'Hémecht vun de liewende Generatiounen unerkannt get: dass sie de Wäert dovunner schätzen an uechten an unerkennen dass d'Freihét an déer sie liewen vun dénen erkaf gouw, déi hirt Blud dofir geaffert hun. Nemmen dann si mir berechtegt des Freihét ze genéissen.